
Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Saint Donat Réiserbann


# Dr. Bibber

**Geschicht:**
Bei de Piraten ass et munchmol zimmlech rau an well d'Waasser vun der Uelzecht esou dreckeg ass fänkt een sech schnell eng Infektioun an oder gëtt krank. Well et op der Uelzecht net ëmmer direkt eng Klinik gëtt, muss selwer Hand ugeluecht gi fir deen anere Pirat ze operéieren. D'Wëllefcher sollen dëst lo och maachen fir sou d'Liewe vum kranke Pirat ze retten. Dofir gi si natierlech belount, well e Liewen ass schliesslech nëmmen e puer Goldmënze wäert.

**Material:**
- 2x kranke Pirat + Zaang
- Material fir an de Pirat

**Opbau:**



**Lëtzebuerger Guiden a Scouten**
**Réiserbänner Guiden a Scouten a.s.b.l.**
44, Grand-Rue L-3394 Roeser – R.C.S. Luxembourg F15370
**Ekipp Wëllefchersrallye 2026 – Email : wellefchersrallye@lgs.lu**

**Oflaf:**

Wéi normalen Dr. Bibber, just am groussen: De Grupp steet ronderëm de kranke Pirat. Innerhalb vu 7 Minutte soll d'Grupp esou vill Objete wéi méiglech aus dem Pirat eraushuelen. Kënnt ee widdert de Rand, muss den Objet rëm zeréckgeluecht ginn an dann ass dat nächst Kand drun. Wa bis all d'Objete vum Grupp erausgeholl goufen, gi se vun de Responsablen vun der Statioun nees all zréck op déi richteg Plaz an de Pirat geluecht an d'Spill geet weider.
Et spillt ëmmer nëmmen ee Kand gläichzäiteg (och wann et zwou Zaange ginn). Dat nächst Kand ass drun, wann de Rand beréiert gouf oder keng Objete méi am Pirat iwwreg sinn.

**Reegelen:**

- Ëmmer nëmmen ee Kand gläichzäiteg.
- De Rand duerf net beréiert ginn.
- Et gëtt gewiesselt soubal ee Kand widder komm ass oder keng Objete méi am Pirat sinn.

**Bewäertung**

Et gëtt gezielt wéi vill Objeten d'Grupp insgesamt a 7 Minutten aus dem Pirat erausgeholl huet.